ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Mäerz 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Den 13. Mäerz gouf am *Luxemburger Wort* e Lieserbréif veröffentlecht, an deem e Mann op Problemer bei der Wiel vun der Kommunikatiounssprooch um Telefon vun der Santé-Helpline higewisen huet. Wann een hei urifft, fir e Rendez-vous fir d'Covid-Impfung ze huelen, oder fir Froen dozou ze stellen, da kann den Uruffer d'Kommunikatiounssprooch bestëmmen. Et huet een d'Wiel tëscht Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch an Englesch.

De Mann huet am Lieserbréif erklärt, datt hie Lëtzebuergesch als Kommunikatiounssprooch gewielt hat, dunn awer eng Persoun op den Telefon krut, déi kee Lëtzebuergesch verstanen a geschwat huet, mee Franséisch.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Leit schaffen insgesamt op där Santé-Helpline fir e Rendez-vous fir d'Covid-Impfung ze huelen, oder fir Froen dozou ze stellen?
2. Wéi vill vun deene Leit, déi bei dëser Helpline schaffen, schwätze fléissend Lëtzebuergesch, wéi vill Franséisch, wéi vill Däitsch a wéi vill Englesch?
3. Ass séchergestallt, datt ëmmer ka mat enger Persoun geschwat ginn, déi tatsächlech déi Sprooch schwätzt, déi den Uruffer gewielt huet? Wa jo, wéi kann et dann zu esou enger Situatioun, wéi si uewe beschriwwe gëtt, kommen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten